N°2777
Entrée le 13.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.08.2025

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Wéi verschidde Lëtzebuergesch Medie beriichten, sinn um Cap Vert si bei engem Stuerm de Méinden op mannst 8 Mënschen ëm d'Liewe komm. D'Insele São Vicente a Santo Antão goufe deelweis schwéier verwüüst duerch Wand an Iwwerschwemmungen an ëffentlech Infrastrukture goufen zerstéiert. D'Land kann all Hëllef an international Solidaritéit aktuell gutt gebrauchen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass vun der Regierung schonn eng geziilten Hëllefsaktioun fir de Kap Verde beschloss ginn? Falls jo, wéi eng Mëttele ginn hei agesat (finanziell, personell, materiell)?

2. Huet d'Regierung Informatiounen, wéi vill Lëtzebuerger Bierger sech aktuell um Kap Verde befannen, am Kader vu Vakanzen, berufflechen Openthalter oder anere Grënn?

3. Wéi sollen sech eis Staatsbierger um Cap Verde verhalen an u wien kënne si sech bei Problemer wenden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés